

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17. Mee 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d' Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

Am Artikel "Kulturkämpfe" deen an der Revue Nummer 18 2021 publizéiert gouf, gëtt de Probleem vun der sougenannter "Raubkunst" diskutéiert. Och Lëtzebuerg war an der Vergaangenheet vun dësem Probleem, datt Konschtgéigestänn gewaltsam geklaut an an d'Ausland verbruecht goufen, betraff. Dat notamment ënnert der franséischer Besatzung während de Joeren 1794 bis 1814.

Duerfir géif ech da Madamm Kulturminister gär des Fro stellen:

- 1) Verfüügt d'Regierung iwwert en Inventaire, wéi eng Konschtgéigestänn während de Joere 1793 bis 1814 vum Terrain vum aktuelle Lëtzebuerg Staat an d'Ausland bruecht goufen a wem se aktuell gehéieren?
- 2) Verfüügt d'Regierung iwwert e Inventaire, wéi eng Reliquien a konschtänlech Géigestänn am Besëtz vun der Kierch (Kellecher, verzierte Kräizer...) während de Joere 1793 bis 1814 vum Terrain vum aktuelle Lëtzebuerg Staat an d'Ausland bruecht goufen a wem se aktuell gehéieren?
- 3) Steet d'Regierung am Austausch mat de franséischen Autoritéiten fir d'Reckféierung vun dëse Géigestänn ze verhandelen?
- 4) Falls net, firwat net? Ass d' Kreatioun vu sou engem Inventaire virgesinn?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten